



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 4. Oktober 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir ech Iech, dës **dréngend Fro** un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Zënter dem Schoulufank muss an de Maisons relais déi sougenannten Hausaufgabenhëllef ugebuede ginn. Dës nei Offer fonctionéiert awer nach net richtig, well d'Maisons relais keen Accès op den entspriechenden elektronische System hunn. Doduerch hunn d'Educateuren beispillsweis och keen Zougrëff op d'E-Bichelchen.

An deem Kontext wéilte mir folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend riichten:

- Firwat huet d'Personal vun de Maisons relais keen Zougang op den elektronische System fir d'Hausaufgabenhëllef?
- Wat gëtt ënnerholl, fir dee Mëssstand schnellstméiglech ze behiemen?
- Bis wéini soll d'Personal an de Maisons relais Accès op de System an domat och op d'E-Bichelchen hunn ?

Här President, mir bidden Iech, eise Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Co-Fraktiounspresidentin

Octavie Modert
Deputéiert



**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 6956
vun den honorabelen Deputéierte Martine Hansen an Octavie Modert**

Ad 1)

D'Informatioun, datt d'Maisons Relais keen Accès op d'*e-Bichelchen* sollen hunn, kann esou net confirméiert ginn. D'Prozedur ass esou, datt all Gestionnaire eng Demande beim Centre de gestion informatique de l'éducation (CGIE) maachen muss fir zum System *eduConnect*, an domat zum *e-Bichelchen*, kënnen zougelooss ginn.

Dës Prozedur ass vun de Gestionnaires ënnerschiddlech séier lancéiert ginn. D'Grënn dofir waren ënner anerem d'Klärung vun Dateschutzfroën mat den DPOen vun de verschiddenen Gestionnaires, esou wéi Froen vun internen Responsabilitéiten. Dës Froen konnten an der Tëschenzäit gekläert ginn, an den Accès zu dem *e-Bichelchen* ass garantéiert.

Ad 2)

Am Kader vun der Ëmsetzung vum Projet Hausaufgabenhëllef goufen d'Gestionnaire eng éischte Kéier Mëtt August 2022 gefrot fir den Zougang zum System (*eduConnect*) fir hiert pedagogesch Personal dat Kanner während der Hausaufgabenhëllef begleet, unzefroen. Dësen Accès erlaabt et dem pedagogeschem Personal an de Maisons Relais ob folgend Déngschtleschtunge zréckzegräifen:

- Online Aschreiwung um Portail vum IFEN fir d'Formatioun „Hausaufgabenhëllef“;
- Accès ob dat digitaalt Hausaufgabebichelchen (*e-Bichelchen*);
- Accès ob pedagogesch Begleetmaterial, dat vum SCRIPT zu Verfügung gestallt gëtt (*MathemaTic*, *HeyDoo*, a.s.w.)

Fir d'Gestionnaire ze ënnerstëtze si verschidde Kommunikatiounen un d'Gestionnaire iwwer d'Prozedur vun der Demande d'adhésion am System *eduConnect* verschéckt ginn souwéi zwou online Formatiounen „Gestion des utilisateurs dans le système *eduConnect*“ organiséiert ginn, an daat an Zesummenaarbecht mam CGIE.

Hei ënnendrënner, fannt dir eng Chronologie vun deene verschiddene Schrëtter, déi ënnerholl goufen, fir d'Gestionnaire bei der Prozedur vun der Demande d'adhésion ze ënnerstëtzen:

- 16.08.2022 : Communiqué “Procédure d'adhésion au système *eduConnect*”
- 06.09.2022 : Rappel
- 30.09.2022: eng vereinfacht Versioun vun der Prozedur fir d'Demande d'adhésion
- 03.10.2022: Online Formatioun “Gestion des utilisateurs dans le système *eduConnect* op Lëtzebuergesch
- 05.10.2022 : Online Formatioun “Gestion des utilisateurs dans le système *eduConnect* op Franséisch.

Ad 3)

Den Accès zum *e-Bichelchen* ass soumat fir all Maison Relais méiglech. D'Aféierung vum *e-Bichelchen* sollt bewusst net mat dem Ufank vum Schouljoer kollidéieren, enger Phase an där vill aner Froen ze klären sinn.

Wéi vu mir annoncéiert, gëtt d'Schouljoer 2022/2023 als Pilotphase genotzt fir de Projet vun der Hausaufgabenhëllef, a soumat och d'*e-Bichelchen*, ze implementéieren. Dëse Projet gëtt am Laf vum Joer permanent évaluéiert a weiderentwéckelt.

Lëtzebuerg, de 7. November 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH